N° 6446
Reçue le 05.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.07.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/07/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Am Internet kënnen Enseignanten, déi hier Schoulstonne virbereede wëllen, eng ganz Rëtsch Ureegungen an och souguer ganz fäerdeg opgebaute Coure fannen. Net ëmmer goufen déi proposéiert Coursen awer vu Pedagogen ausgeschafft an och net all déi proposéiert Inhalter si konform mam Plan d'Etude. Eng eegestänneg inhaltlech Evaluatioun an eng Qualitéitskontroll duerch d'Enseignanten ass soumat onerlässlech - virun allem, well och politesch a reliéis motivéiert Schoulmaterialien, déi keng objektiv Fakten erëmspigelen a soumat näischt an enger Schoul verluer hunn, am Internet kurséiere kënnen.

An de soziale Medie circuléieren an deem Kontext zur Zäit Bäiträg vun Elteren aus Däitschland, déi schockéiert sinn iwwert d'Inhalter, déi hire Kanner am Sexualkunde-Unterrecht bäibruecht goufen. Bericht gëtt hei vu Schoulmaterial, wat de Kanner eng extrem konservativ, kierperfeindlech an homophob Siicht op d'mënschlech Sexualitéit soll vermëttelt hunn, obwuel dës Inhalter esou net um Schoulprogramm stoungen. Esou Schoulmaterial gëtt z. B. vu staark konservative reliéise Gemeinschaften ausgeschafft a verdeelt an ass esou och zum Deel online fräi zougänglech fir jiddereen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass et och zu Lëtzebuerg schonn zu Fäll wéi deem uewe genannte komm, wou Elteren sech doropshi beim Ministère beschwéiert hunn?

   Falls jo, wéi oft a wéi eng Suitten huet de Ministère dëse Fäll ginn?

2. Ginn d'Problemer, déi mat Schoulmaterialien a Couren, déi online oder offline vu Vereenegunge mat politescher oder reliéiser Motivatioun ugebuede ginn, an der Ausbildung an an der Formation continue um IFEN thematiséiert?

   Wéi gëtt d'Léierpersonal hei sensibiliséiert?

3. U wien sollte sech d'Eltere wenden, wa si d'Gefill hunn, dass hier Kanner Inhalter vermëttelt kréien, déi dem lëtzebuergesche Plan d'Etude net entspriechen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député